Begréissen vun :

D'Gemengeconseilljéen d'Hären Armand Drews an Tom Krieps vun der LSAP an den Här François Benoy vun Déi Gréng

den Här Patrick Weyrich vum Proximitéitskommissariat Gaasperech,

den Här André Polfer, Präsident vum Zéissenger Interesseveräin, an de Jean-Marc Fisch, Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin,

d'Vertrieder vun de Gaasperecher Veräiner : Harmonie Gasperich, den FC Tricolore Section de Marche, d'Amicale vun den Scouten, d'Oeuvres paroissiales, LGS Gaasperech, Société Chorale Fräiheet; d'Amiperas, d'Fraen a Mammen an Gaart an Heem.

Entschëllegt sinn :

d'Mme Martine Mergen,

D'Hären Justin Turpel a Guy Foetz

den Här Paschtouer Romain Kroeger

den Här Roby Biwer, Präsident vun der asbl natur & ëmwelt

den Här Max Stoffel vun der DP-Sektioun Zéisseng/Gaasperech,

den Här Jomi Mossong, Präsident vum FC Tricolore

den Här Guy Herr vun der Section de Marche vum FC Tricolore Gaasperech

Villmools Merci, datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären!

De Comité huet sech d'lescht Joer direkt no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 6 mol am Comité zesumme komm.

Mir hate beim Schäfferot am Oktober eng Entrevue gefrot, fir iwwert déi verschidden Dossiere'en ze schwätzen a fir iech eventuell Nouvellë matzedeelen den Owend, ma mir hu bis haut nach keng Äntwert kritt. Mir waren am Service vun der Bautepolizei, fir déi verschidde Projete'en déi sollen an eise Quartier kommen, ze gesinn, notamment wéinst dem Ban de Gasperich an dem Projet um Eck vun der Escherstrooss/Gaasperecherstrooss. Mir waren an enger Reunioun beim Schäfferot am Kader vun eiser Reklamatioun géint d'Fixerstuff. Mir haten eng Entrevue mat enger fräischaffender Architektin wéinst dem Aménagement vun der Place Sauerwiss.

Mir kruten Invitatioune vun der Gemeng fir op d'Receptioun vum Nationalfeierdag a fir Joyeuse Entrée vun eiser Ierfgroussherzoglecher Koppel am Neien Theater. Mir waren op den Informatiounsreunioune vun der Gemeng wou et ëm de neie Plan d'aménagement general (PAG) gaangen ass.

Mir hun hei Kopië vum Formular leie fir déi déi wëlle beim Sondage am Kader vun der Refonte vum PAG hir Remarquen ofginn, wat läit iech um Häerz, wat wëllt dir hunn a wat net.

Wéi soll äre Quartier an Zukunft ausgesinn? Dee Formular ass anonym an dir hutt nach Zäit en bis de 26. Februar an der Gemeng ofzeginn. Loosst iech net dru stéieren dat an engem Feld, wou der musst uginn op der Ganz- oder Hallefdaags schafft oder op der Student sit, de Pensionär feelt, jo do staunt der, och dat gëtt et, 57+ hu kee Matsproocherecht an deem Formular datt erstaunt een och net, wann een op de Konferenzen am Ciné Cité an am neien Theater héieren huet, datt Price Water House, demnächst am neie Siège zu Gaasperech, 30% Leit schaffen huet, déi ëm déi 30 Joer al sinn, ma déi mussen eppes gebuede kréien an am beschten no bei der Aarbecht, wéinst dem Verkéier.. Schreift dat alles roueg dobäi well och eeler Leit wëllen hir Liewensqualitéit an der Stad genéissen. Dir kënnt dëse Formular och iwwert Internet ausfëllen op dem Site vun der Gemeng Lëtzebuerg, an do war déi Fro, wéi der schafft souguer obligatoresch, sou datt een net konnt mam Sondage matmaache wann een dat Feld net ausgefëllt huet.

Den 2. Abrëll kënnt de Schäfferot op Zéisseng an de Centre culturel, fir d'Auswäertung vun de Bulletin'en fir Gaasperech an Zéisseng virzestellen. Wann der also Froen huet zu der Refonte vum PAG, kënnt dir hinnen se do stellen. Déi richteg Prozedur geet eréischt 2015 un. Den 22. Abrëll sinn se zu Hollerech am Centre sociétaire. Weider RV'en fann der op eiser Internetsäit.

Mir si verschiddenen Invitatioune vun der natur & ëmwelt am Haus vun der Natur gefollegt. Mir ware de 6. November um Partnermeeting op der Kockelscheier an dunn de 25. November zu Éiter an der éischter Versammlung vum Comité consultatif. Mir si jo scho während 10 Joer Member vun der fréierer asbl Natura an hunn elo am Kader vun der Restrukturatioun vun den asbl'en am Haus vun der Natur eis Demande gemaach fir Partner ze gi vun der neier Asbl natur & ëmwelt. A mir si ganz houfreg drop datt mir als Partner cooptéiert gi sinn. Mir sollen dann am Mäerz an der Generalversammlung zu Dikrech approuvéiert ginn. Natur & ëmwelt organiséiert e.a. d'Fest am Haus vun der Natur, den nationalen Dag vum Bam, en Dag an der Natur an de Gréngen Zuch. Eis Motivatioun fir Partner ze ginn, bei natur & ëmwelt ass en Deel vun eise Statuten, dee seet dat mir eis engagéiere fir fir d'Liewensqualitéit an eisem Quartier ze suergen, wann de Ban de Gasperech kënnt da musse mir versiche fir dat dat ganzt esou mann wéi méiglech Afloss op d'Liewensqualitéit vun eisem Quartier kritt a wann dann iergendwann eng Kéier de schéine grousse Park kënnt ma da soll et e natierleche Park si mat enger biologescher Villfalt a mat engem gudde Waassermanagement. Mir wëlle keen ugeluechte Park mat Beton, groe Steng a Kräsi well biologesch gesinn ass dat grad esou gutt wéi asphaltéiert Stroossen. Dat selwecht gëllt och fir d'Bebauung vum Ban de Gasperich, och do fuerdere mir, datt d'Promoteur'en bei den Alentoure'en ëmweltbewosst Projete'en maachen.

Vun dem Jugendhaus krute mir Invitatiounen fir op d'Quartéiers'fest, op d'Tuningshow 2013 an op d'Feier vun hirem 10jährege Bestoen.

Mir kruten eng Invitatioun vum CLAE fir op de Salon des migrations an de Salon du Livre.

Mir waren den 30. Mee 2013 an der Generalversammlung vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Den 20. Juli war eng Réunioun mat den Delegéierten, d'Usill vertrëtt jo 20 Syndikater. Ech vertrieden den Interesseveräi Gaasperech an dem Conseil d'administration vun der Usill. Déi ass d'lëscht Joer 5x zesumme komm. Den 12. Dezember huet d'Usill hire 35. Anniversaire gefeiert wou de fréiere President den Här Paul Reeff, souwéi de Vize-President Roger Geissler geéiert gi sinn. Den Här Laurent Schwaller vun der Gemeng huet an deem Kader en Exposé gehalen iwwert Ëffentlech Plazen an der Stad an do si mir dann och gewuer ginn dat säi Service sech am Moment mat dem Réaménagement vun der Place Sauerwiss befaasst.

Mir ware an de Generalversammlunge vun den Hollerecher, Zéissenger a Centser Interesseveräiner.

Dann krute mer am Laf vum Joer Invitatioune vu ville lokale Veräiner fir op hir Generalversammlungen an hir Manifestatiounen, wou mir och sou gutt ewéi méiglech vertruede waren. Mir waren op d'Ouverture vun der Brasserie Colomb invitéiert.

Wéi déi Joere virdrun, hate mir den Dag vun der Commémoration nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner néiergeluecht ginn. Fir d'musikalescht Encadrement huet ee jonken Trompettist an d'Chantres de Ste-Thérèse gesuergt. Vun hei aus e grousse Merci. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall, wou den IVG den Éierewäin offréiert huet. En häerzleche Merci geet un Scoute vu Gaasperech, déi sech ëm de Service gekëmmert hunn souwéi un all déi Veräiner déi un deem Dag participéiert hunn.

Mir waren an der Preparatiounsversammlung vum Chrëschtmaart esou wéi an där wou de Bilan gemaach ginn ass. Mir hunn um Chrëschtmaart de 7. Dezember matgemaach a konnten duerch den Verkaf vun Tombolasbilljets'en 1.500.- € erabréngen. Den Erléis vum Chrëschtmaart 2013 geet dëst Joer un d'asbl Leederwôn an un de Centre d'intégration scolaire.

Mir hunn wéi an de virege Joeren de Kalenner vun de Manifestatiounen opgestallt. En décke Merci geet un de Jos Mantz vun de Chantres de Ste-Thérèse, de Charel Bechet vun de Scouten an de Pol Silvestri mat der Equipe vum Dëschtennis, déi de Membere vum Interesseveräi gehollef hunn dëse Kalenner am Quartier auszedroen.

Mir haten den 9. November d'Schanzer Cabarotiker mat hirem Programm "A gespuert muss ginn!" invitéiert. Et ass vill gelaacht ginn an et war e volle Succès.

Wëll mir Iech de neie Programm "Wiesselhoer" vun de Makadammen wollte ganz am Ufank vun hirer Tournée presentéieren, hu mir eis Soirée vun 2014 op den 18. Januar geluecht, an och déi war e grousse Succès.

En häerzleche Merci vun hei aus dem Liliane an dem Nico Valentiny vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Breger aus der Industriezone, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Daachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss, der Firma Buropolis Linster an de Caves Desom vu Réimech, déi eis finanziell a materiell ënnert d'Äerm gegraff hunn.

E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité souwéi un déi, déi eis ëmmer eng Hand mat upaken, Merci René, Hilde, d'Helène an d'ganz Equipe, déi bei eise verschiddenen Organisatiounen am Service gehollef hunn.

Fir dëst Joer hun mir mat der Douane’s Musek en Datum fond an zwar de 16. November, fir hei am Sall e Benefizconcert ze organiséieren. De Concert steet ënnert der Leedung vum neien Dirigent vun der Douane’s Musek, an dat ass keen aanere wéi den Erni Hammes, en Trompettist, deen an Europa an an den USA mat bekannte Jazz Ensembelen optrëtt, hien ass och Dirigent vun der Brass Band vun der Militärmusek an hie gräift gäeren zur Trompette, fir Einlagen ze maachen.

Dann zum Detail vun eise Korrespondenzen a Suivi’en an de verschiddenen Dossiers’en:

D’Bréck am Millewee

D’Aarbechten un der Bréck am Millewee, déi an engem schlechten Zoustand war sinn entretemps fäerdeg. Mir soen de CFL villmools Merci, datt si eis ëmmer informéiert hunn an esou konnte mir iwwert eisen Internetsite d’Leit aus dem Quartier iwwert Nuetsaarbechten au courant sëtzen.

A well mir elo an deem Eck sinn, nach eng Informatioun: Ufanks Januar ass eng Autorisatioun eraus komm, fir d’Gebai 80, Millewee ofzerappen. Et soll e neie Projet do hinner kommen, Detailer hunn mir nach keng.

Den Immeuble 169, Gaasperecherstrooss – Eck Escherstrooss

Eng Baugenehmegung ass ënnerschriwwe ginn an d’Pläng kënne bei der Police des bâtisses consultéiert ginn. De Projet gesäit e ronnen Eck fir mat 7 Niveau’en an zur Säit vun der Gaasperecherstrooss solle 5 Stäck kommen. Et sinn am ganzen ongeféier 22.000 m2 mat iwwert 100 Parkplazen.

Den Immeuble 193, route d’Esch / Eck Pensisstrooss

Nodeem dat mir e puermol reklaméiert hunn, hu mir elo vun der Gemeng matgedeelt kritt, datt eng Ofrapgenehmegung ënnerschriwwe ginn ass. Dat Gebai ass baufälleg an eng Gefor fir déi Leit, déi do op de Bus waarden.

De PAP Monopol, e Projet deen esou gudd Gaasperech wéi Zéisseng betrëfft

Mir sinn an der Press gewuer ginn, datt de PAP Monopol aus finanzielle Grënn op Eis geluecht ginn ass.

D’Gesamtkonzept iwwert d’Mobilitéit wat déi 2 Syndikater an deem Kontext gefrot hate fir déi 2 Quartiere’en, hu mir bis haut nach net kritt.

D’Haus 24, rue Colomb

Mir hunn d’Gemeng am Januar 2013 ugeschriwwen, fir ze froen, wat mat deem Haus geschitt. Mir kruten am Mee matgedeelt, dat d’Gebai ofgerappt soll ginn an eng Demande do léich, fir en Appartementshaus mat 3 Stéck ze bauen. Mir sinn d’Pläng kucke gaangen a si vun Awunner aus deem Quartier ugesprach ginn, déi eis hir Oppositioun matgedeelt hunn. Si haten och eng Pétitioun scho gemaach. Mir hunn doropshin d’Gemeng ugeschriwwen an sinn drop opmierksam gemaach datt et sech hei ëm een Ensembel vun Aarbechterhaiser aus den 20er resp. 30er

Joeren handelt. Et ass och den 1. Projet gewiescht vun den Habitations à bon marché an esou zu engem exzeptionellen architektonesche Patrimoine gehéiert. Vill Haiser an deem Deel vum Quartier sinn an de leschte Joere mat vill Léift a Goût renovéiert ginn an esou en Agrëff géif déi ganz Harmonie vun der aler Kolonie zerstéieren.

Mir haten och e Bréif un déi zoustänneg Ministerin agereecht a gefrot si soll eise Bréif un de Service Sites et Monuments weiderginn. Am Oktober d'lescht Joer dunn sinn déi Responsabel vun de Sites et Monuments am Kader vun der Journée du patrimoine duerch de Quartier gaangen, fir sech e Bild ze maachen. A mir musse soen dat och si déi selwecht Vuen hate wéi mir. Well et awer net esou einfach ass eng Baugenehmegung ze refuséieren, ass d'Gemeng higaangen an huet eng servitude d'interdiction fir d'Limitë vun den Terraine'en ze änneren, op en Deel vum Quartier geluecht an zwar d'Stroossen : Briand, Clemenceau, Colomb, Franklin, Gasperich, Gluck, Mozart, Gutenberg, Liszt, Millewee a Richard Wagner. Dës Servitude ass elo emol begrenzt op ee Joer. Mir hunn de Responsabele gesot, dat dat awer net dat wär wat gefrot wär, si soten eis dat dat hinnen och net géif gefale mee leider hätten sinn duerch Gesetz keng aner Méiglechkeet. Et muss een elo oppasse wat 2015 bei der Refonte vum PAG geschitt.

D'Gebai vun der Sécherheetsfirma, rue Père Raphaël

Et ass eng Autorisatioun eraus fir d'Gebai ofzerappen a mir hunn bei der Gemeng nogefrot an drop opmierksam gemaach, datt esou en Etablissement näischt sou no bei engem Wunngebitt ze sichen huet, denkt een drun, wat hätt kënne passéieren, wann den arméierten Iwwerfall vum 2. op den 3. Abrëll am Dag geschitt wär. Mir sinn informéiert ginn, dat e neit Gebai géif gebaut gi mat spezifesche Besoine'en fir eng Sécherheetsfirma. Leider hätt d'Gemeng d'Baugenehmegung net kënnen zréck weise well an enger zone d'activité 1 esou Etablissementer kënnen installéiert ginn. Mir däerfen awer am Kader vun der Commodo/Incommodo-Prozedur reklaméieren. Et kann ee Pläng och nach op d'Gemeng op der Rocade kucke goen.

Dann zum Ban de Gasperich

Elo soll am Februar eng Soumissioun lancéiert ginn an d'Aarbechte vum bd Raiffeisen sollen Enn des Joers ugoen. D'Gare périphérique Howald ass an 2 Etape geplangt. Déi 1. Phase vun den Aarbechten ass fir 2017 geplangt. Da sollen en 1. Quai an eng Passerelle gebaut ginn. Parallel gëtt eng nei Busgare amenagéiert. Et soll eng Plattform sinn tëscht Zuch, Tram a Bus. D'Etudë fir de Reseau vum Tram iwwer Bouneweg an den Houwald ze verlängere sollen acceleréiert ginn. Och virgesinn ass an enger 2. Phase d'Buslinn bis an den Zenter vun Hesper ze verlängere soubal d'Masse critique vu potentielle Passagéier am Ban de Gasperich, dem Midfield an der Cloche d'Or erreecht ass. Mee wéini dat ass dat steet nach an de Stären. D'Aarbechte fir de bd Kockelscheuer op der Säit vun der Bianstrooss sin den 9. September ugaangen a mir si gewuer ginn dat d'Autorisatioun fir den Tronçon vun dem bd Raiffeisen op de RP Gluck nach net ënnerschriwwe wär.

D'Gebai vu Price Water House mat 41.000 m2 a wou hir Universitéit soll installéiert gi geet gutt virun.

Mir krute vum virege Buergermeeschter geschriwwen, datt hien ënnert kengen Ëmstänn eng Baugenehmegung ënnerschreift, bis dat d'Stroosse fäerdeg wären.

Mir haten doropshin 2012 gefrot ob déi accords de principen, déi elo schonn ënnerschriwwe wäre géifen annuléiert ginn. Mir kruten als Äntwert, datt déi accords de principe en vigueur géife bleiwen. Am selwechte Bréif krute mir dunn gesot, datt am Contraire vun den Autorisatiounen, déi en reellt Recht gi fir ze bauen, nu lauschtert gutt: den accord de principe kéng Ausübung vun iergendwelleche Bau- oder Terrassementsaarbechten erlaabt. Am Mee 2013 krute mir e Bréif an deem den deemolege Buergermeeschter eis informéiert, datt d'Conventiounen an déi néideg Cessioune vun Terraine'en fir de bd Raiffeisen ënnerschriwwe wären. Net schlecht hu mir du gestaunt, wéi an deem selwechtem Schreiwes stoung dat de Buergermeeschter elo decidéiert hätt de 17. Mee eng Autorisatioun ze ënnerschreiwe fir d'Installatioun vum Chantier, den Aménagement vun den Accès'en op de Chantier a fir Terrassementsaarbechten op den Terraine'en laanscht Raiffeisenstrooss, wou de Centre Commercial soll gebaut ginn. Gutt verstanen, et war an ass bis haut nach ëmmer keng Baugenehmegung eraus. Eng Méiglechkeet fir ze reklaméiere wär gewiescht fir e Recours um Tribunal administratif ze maachen, mee wéi mir do iwwert den Dësch gezu gi sinn dat wësse mir jo. Ah jo, da ware jo och den Oktober déi virgezunne Wahlen, ma do wollt och keen sech d'Fangere verbrennen. Den Dag no der Publikatioun, dir kënnt kucke goe wat eraushänkt, eng Baugenehmegung wat keng ass, sinn d'Aarbechten ugaangen an all Dag iwwert Méint stoungen Owes 30-35 Camion'en bereet fir an aller Herrgottsfréi de Buedem fortzefueren. Net méi spéit ewéi den 10. Dezember 2013 du krute mir e Schreiwes dat de 6. Dezember rëm eng Verlängerung vun dem Accord de principe ënnerschriwwe ginn ass, mat der Informatioun dat "une autorisation de principe a un caractère essentiellement préparatoire et n'as pas d'existence propre en dehors de son complement nécessaire constitué par l'autorisation definitive avec laquelle elle forme un tout" an dat an de meeschte Fäll den T.A. jugéiert huet, datt all Recours géint en accord de principe als ze fréizäiteg ze betruechte wier.

Wat sollten mir maachen, de Chantier duerch d'Police stoppe loossen, dann hu mir e puer Chômeuren méi op der Strooss… An der Novemberausgab vum PaperJam huet de Promoteur Becca dunn nach gesot "dat jo elo näischt méi géif am Wee stoen fir de richtege Chantier unzefänken, och wann si sech nach net géifen trauen fir weder nach Informatiounen iwwert Natur vun de Gebaier an iwwert den Datum vun der Liwwerung ze avancéieren. Normalerweis misst eng Decisioun am Dezember falen."

Mir hunn op der Gemeng intervenéiert a kruten confirméiert, dat och si nach keng definitiv Pläng gesinn hunn. Wat mir wëssen, ass dat de Chantier ënnert dem Auchan e Bassin de retention ass, grad esou wéi de Chantier hannert de Gäert an der Hogenbergstrooss dat ass en provisoresche Bassin de retention. De Projet "Wohnen im Park" kënnt 50-60 m vun der Bach ewech a gesäit 5-6 Stäck vir an et gëtt näischt ënnerkellert. Dat administrativt Gebai nieft dem Centre commercial gesäit 9 Stäck vir + Annexen am ganzen 97.700 m2. Iwwert d'Sous-sol'en ginn et nach keng Detailer, ginn et der 2 oder 3 oder méi, keng Ahnung. Et kann een vläicht argumentéieren si mussen iergend wann eng Kéier ukommen jo awer dann mat den néidegen Autorisatiounen well dat gëllt jo och fir déi aner Leit déi wëllen bauen oder transforméieren. E Skandal méi an dëser never ending story.

Mir hu nach eng Kéier reklaméiert well d'Avis'en an der Enceinte vu Gaart an Heem ophänken wou de Public jo keen Zougang huet. Aner Avis'en hänken op der Raiffeisestrooss mëtten am Feld. Mir hate proposéiert wëll de Ban de Gasperich jo e Mega-Projet ass, fir op enger Plaz déi zentral an accessibel wär e

Panneau ze installéieren, fir déi Avis'en opzehänken. Leider krute mir och do keng Äntwert an et ass och näischt geschitt.

De neie Park

Och deen ass nach ëmmer e grousst Geheimnis, a wéini datt d'Aarbechte sollen ugoen ass nach ëmmer ongewëss, et muss e Mega-Park ginn, wann een sou héiert wéi vill Beem um Stater Gebitt ewech gemaach ginn, an déi musse jo iergendwéi kompenséiert ginn nom Gesetz, ma da ganz sécher an eisem Park. Zënter 2 Joer erzielen ech iech, dat de Schäfferot d'Pläng presentéiert kritt.

Déierenasyl

Dat neit Déierenasyl konnt seng Ouverture feiere mee mir hunn eis misse froen, wéi dat méiglech ass, datt de Bësch ronderëm huet misse wäichen. Op Ufro bei dem Délégué de l'Environnement op der Gemeng kéng Äntwert, bei der Bautepolizei keng Äntwert, kee weess eppes dovun, mir hu geschriwwe wëll mir Reklamatioune kritt hunn, wëll elo wou den Hiwwel fort ass, een d'Gebills vun de Muppe besser héiert, mir hu gefrot, ob déi néideg Autorisatioune virlouchen, well jo virdru keen au courant war, datt do iwwerhaapt Aarbechte geschitt waren, ma och do hu mir bis elo keng Äntwert. Wat elo mat dem Terrain geschitt wësse mir och net.

PAP Wakebierg, rue Richard Wagner, rue Mozart

Do wësse mir nach ëmmer näischt neies.

D'Verlängerung vun der Hogenbergstrooss

Och do kéng Neiegkeeten, spéidesdens awer 2015 bei der Refonte vum PAG muss d'Katz aus dem Sack.

De Réaménagement vun der rue Clemenceau, den Eck Franklin, Mozart- an Gluckstrooss

Mir haten héieren dat do gréisser Aarbechte gemaach géife ginn an hunn d'Gemeng ugeschriwwe fir dat d'Bierger sollen forméiert ginn. Den 18. Dezember war eng Informatiounsreunioun wou de Chantier presentéiert gouf. Erneiert gi soll Kanalisatioun, de Gasreseau an de Waasserreseau an den Iwwerbau. (Voirie do soll d'Kräizung Clemenceau/Franklin amenagéiert ginn an et solle Parkbanden dohikommen, Kanalisatioun: e neie Kollekter, d'Waasser nei Leitungen a verschidden Uschlëss an d'Haiser, eng nei Beleuchtung, Creos gaz : nei Leitungen a Raccordementer an d'Haiser, Creos Electrësch : Erneierung vun den Kabelen an den Trottoire'en esou wéi Uschlëss an d'Haiser, Post : Erneierung esou wéi Verstäerkung vum Reseau an den Trottoire'en an d'Uschlëss vun den Haiser.) Et gi béidsäiteg Beem geplanzt. De Käschtepunkt vum Chantier: 2.500.000.- €, dat ass d'Informatioun déi den 18.12. avancéiert ginn ass. D'Aarbechten hu Verspéidung a sollen elo Ënn Februar ugoen a 15 Méint daueren, d.h. si sin Enn Fréijoer 2015 fäerdeg. Et solle wöchentlech Reunioune gemaach ginn an et gëtt en Uspriechpartner an ee Mediateur. De Chantier ass a 4 Phasen agedeelt d.h. Phase 1 Clemenceau, Phase 2 Briand, Phase 3 Clemenceau a Phase 4 Mozart, et ass awer esou dat phase 4 parallel mat der Phase 1 an 2 leeft. Während deene verschidde Phasë besteet och en Zirkulatiounsverbot. Dann muss wéinst den Aarbechten eng Deviatioun vun der Buslinn 2 gemaach ginn an den Arrêt beim Colomb gëtt suppriméiert. Deviatioun

féiert duerch Colombstrooss an den Arrêt ass dann op der Héicht vum Haus 29 an der Franklinstrooss. Och d'Insel fir an d'Mozartstrooss soll nei amenagéiert ginn.

De Foyer scolaire

Jo do leeft de Chantier lues awer sécher virun, d'Aarbechte sollen am Abrëll ofgeschloss sinn. An dem Foyer si keng Reserve virgesin an d'Haus an der Verdistrooss soll duerfir bäigehale ginn.

Spillplazen an ëffentlech Plazen

Am Februar 2013 hunn mir d'Gemeng ugeschriwwe fir hinnen eis Vuen ze ënnerbreede wat de Réaménagement vun der Place Sauerwiss ubelaangt. A kengem Ament ass den IVG, entgéint allen Affirmatiounen an de Compte-rendu'en informéiert ginn. Et ass elo esou dat wéi scho gesot d'Servicer am gaange sinn eng „nei Place Sauerwiss" ze plangen, mee dat geschitt alles hannert zouenen Dieren. Mir vun äiser Säit aus hu Kontakt mat enger Architektin gehat fir d'Schwaachpunkten a Pluspunkte vun där Plaz ze analyséieren. Och mir hunn Ideen wat een do kënnt maachen.

Dat selwecht ass geschitt am Englesche Gaart, d'Spillplaz fir déi kléng Kanner soll jo ewechkommen an et si Spiller geliwwert gi fir eng Spillplaz fir méi grouss Kanner ze maachen. Lo ass et awer esou dat déi Responsabel vun de Crèchen aus dem Quartier mat de Butzen dohinner spille gaange sinn, an et war alles do wat gebraucht ginn ass. Wann et war wéi elo gesot gëtt dat Schaukelen asw net méi konform wäre ma dann hätten déi sollten ersat ginn.

Den IVG steet voll hannert de Resident'en vum Quartier an opposéiert sech formell géint d'Installatioun vun engem Hondspark an dat net nëmmen am Englesche Gaart mee am ganze Quartier. Esou e Park bréngt nëmmen negatives mat sech: Krankheete fir Mënsch an Déier, Beissereien, Gestank asw. An da kënnt nach den Entretiensproblem dobäi.Mir hunn och reklaméiert dat am englesche Gaart solle befestegt Weeër kommen an net de Gravillon dee bei Fiichtegkeet glat ass.

Participation citoyenne, e Slogan deen gutt kléngt

Do froe mir eis wéi dat soll weidergoen. Bescht Beispill ass d'Place Sauerwiss, d'Spillplaz am Englesche Gaart, de Comité de prevention asw mir ginn d'Gefill net lass dat verschidde Gremien agesat ginn z.B. aus der Politik oder anere fir dat mir als Syndikat hinne sollen eis Doléancë mat op de Wee gi fir dat sinn se mat bei déi Responsabel kënnen huelen. Firwat wëllt d'Gemeng d'Syndikater courtcircuitéieren ? Firwat wëllt se d'Gesellschaft splécken a géinteneen ausspillen? Wat ass dat fir e Spillchen. Et kann ee jo net soen dat wann e Syndikat 80 Joer besteet, 650 Memberen huet am Quartier, dat si gutt verstane Stéit, dat een dann net representativ ass. Op alle Fall sëtze mir eis zesumme mat den Awunner fir de Quartier an, wann natierlech näischt doropshi gemaach gëtt datt ass dann awer sécherlech net eise Fehler. Et ass eis och bewosst dat mir net méi als Partner ugesinn si mä fir d'Autoritéiten e Störfaktor duerstellen. Ech soen de Mataarbechter an de Gemengeservicer villmools Merci fir hir Collaboratioun, un hinnen hänkt et net.

Fir eis ass et och wichteg dat de Syndikat méi muss gestäerkt ginn an dat sech nei Leit an de Comité musse mëlle fir konstruktiv mat ze schaffen.

Fixerstuff

Mir hunn am Kader vum Reklassement vun den Terraine'en an der Rue d'Alsace beim Vote definitiv reklaméiert an hunn eng Analyse vun de verschidden Critère gemaach a konnten feststellen dat hir Argumenter mat den Hoer erbäigezu waren. Den Ënnerscheet vun de Critèren ass haaptsächlech den eventuell spéideren Projet Gare Central an d'Reklassement vum PAG. Déi aner 6 positiv Critèren fir den Projet rue d'Alsace : et wären keng Wunnhaiser an der Géigend an d'Liewensqualitéit vum Quartier wär net betraff sinn Illusiounen a weit vun der Realitéit ewech. Direkt iwwert Bréck sinn 2 Crèchen, eng Structure d'accueil vum Jongenheem an e Jugendhaus. D'Wunnhaiser an den englesche Gaart ass net wäit ewech deen nach e weideren Sëcherheetsfacteur duerstellt.

Mir hu bemängelt dat der Rekommandatioun vun der Commission d'Aménagement vum Ministère de l'Intérieur kéng Rechnung gedroe gëtt däi hat nämlech gefrot fir beim Reklassement kloer ze definéieren dat et sech hei ëm eng Struktur fir Drogenofhänger géif handelen, an dat misst och an der Enumératioun an der Partie écrite kloer definéiert ginn an dat fir e flou juridique ze evitéieren, Mee och doriwwer huet sech herno den Inneminister bäi senger Decisioun doriwwer ewech gesat an huet d'Reklamatiounen vun Paul Wurth a vum Interesseveräin als recevabel erklärt mee am Fong net begrënnt an huet domat d'Reklassement tel quel approuvéiert. Ech erënneren just un de Fall vun dem Foyer fir Alzheimer, wat herno e Jugendfoyer ginn ass, an an der Form als structure d'accueil et d'hébergement social besteet.

(Déi nei provisoresch Struktur : De Käschtepunkt beleeft sech op 2 Mio € déi Stad Lëtzebuerg bezilt. (An hei nach e puer Chifferen : d'Fixerstuff gëtt vun ongeféier 100.000 Leit am Joer besicht; bis de Juli 2010 haten do 22.000 Leit Drogen konsomméiert, et sinn 65.000 Sprëtzen erakomm a 73.000 Sprëtzen erausgaange. – 2011 : 216.500 seringues utilisées 2005 = 77.500 – 2 Mio € VdL plus 2 Mio € Comité national de défense sociale par le biais Min. Santé = salaires pour trentaine de personnes- 150 clients par jour) 2012 : distribution 300.000 seringues.

D'Sécuritéit a Propretéit

Mir hunn den 18. Mee d'lëscht Joer um Comité de prévention élargi vun der Gemeng deelgeholl wou et e.a.ëm d'Rives de Clausen gaangen ass. Och d'Heescherei an der Uewerstad an op der Gare sinn diskutéiert ginn. Mir musse feststellen, dat et duerch ganzt Land ëmmer méi zouhëlt mat den Abréch a mir sinn der Meenung dat Policekontrollen absolut musse verstäerkt ginn.

Wéi all Joer hunn mir de Bréif vun der Gemeng wou et ëm Fréijoersbotz geet un déi lokal Veräiner weiderginn.

Dann zum Ewechhuele vum Gréngs: d'Container si jo ewechgeholl ginn. Mir hunn am Mee 2013 d'Gemeng ugeschriwwen a gefrot fir erëm 2x am Mount de Gaardenoffall sichen ze kommen. Du ass eng nei Direktive erauskomm dat ee vum 15. September un déi Deeg wou Biomülltonn erausgesat gëtt och Eemeren oder Plastikstute mat GRAS aussëtze kann, an dat wann ee keng Méiglechkeet huet fir eng Biomülltonn ënnerzebréngen. Et kann een awer och nach mat dem ganzen Offall op d'Arelerstrooss an de Container fueren. Den anere Gaardenoffall, wéi Onkraut, Blieder, Coupe vun de Straicher an Hecken déi soll ee separat sammelen an dann an den Service Hygiène uruffen déi kommen

se da banne 5 Deeg sichen. Dat krute mir och schrëftlech matgedeelt an am November ass dunn en offizielle Flyer verdéelt gin deen dat ganzt confirméiert.

Mir hate jo gefrot fir d'Zebrasträife besser ze beliichten. Do krute mir gesot datt Quartiere'en vun der Stad géifen no an no besser securiséiert ginn. Bis haut ass nach näischt geschitt. Och déi Etude fir d'Gluckstrooss ze berouegen a wou mir 2012 am Februar gesot krute Servicer géifen eng Evaluatioun vun der Etude maachen hu mir bis haut nach näischt héieren.

Den Ëffentlechen Transport

Wéi am LW vum 14.12.2012 ze liese war hat de Buergermeeschter den Här Rob Roemen a senger leschter Gemengerotssëtzung zu Leideleng ugedeit dat verschidden nei Projet'en fir den Ëffentlechen Transport géife bestoen. Doropshin hu mir eis mat dem Zéissenger Interesseveräin zesumme gesat. Dat eenzegt wat ech iech hei ka soen dat ass dat de 15 Minuttentakt op 20 Minutten eropgesat gëtt. Dat d'Gelenkbusse virgesi si wat jo e grousse Sécherheetsfaktor an den enke Stroossen duerstellt, de Bus muss z.B. wann en an Clemenceaustrooss erafiert an der Franklinstrooss op Gegenpiste auswäiche fir d'Kéier ze kréien. Dann wier et och dat d'Verbindungen zwëschen der Ligne 2 a 4 déi sech um Stade Boy Konen auswiessele géifen ewech falen esou dat déi Zéissenger net méi op Gaasperech kommen a vice-versa. Dat ganzt wär am Kader vun den Aarbechten um Centre Hamilius awer méi präzis Donnéeën hu mir nach ëmmer net kritt, et gëtt nach ëmmer drun gedoktert.

Sou, dat war de Rapport vun der Sekretärin.

Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff